CSV FRÉISENG

**Froen un de Schäfferot**

**Sëtzung vum Gemengerot vun der Gemeng Fréiseng de 27. Oktober 2021**

Här Buergermeeschter, Dir Häre Schäffen,

sou wéi d'Gemengegesetz dat a sengem Artikel 23 virgesäit, an eis baséierend op den Artikel 8 vum "Ordre Intérieur de la Commune de Frisange", wëlle mir am Numm vun der CSV zum Punkt „Questions écrites au collège échevinal“ vun der Dagesuerdnung déi folgend Froen un lech riichten:

Aktuelle Stand bei verschidde gestemmte Projeten aus de Joeren 2020 an 2021

Vun den an de Joeren 2020 an 2021 am Gemengerot gestëmmten Devisen zu Projeten, déi de Schäfferot wëll emsetzen, si verschiddener nach net realiséiert. Hei eng Oplëschtung vun den Devisen mam Datum wou se gestëmmt goufen::

| | |
|---|---|
| 15. Juli 2020 | Restauration château d'eau Hellange: création de deux articles budgétaires |
| 16. Dezember 2020 | Approbation devis estimatif "Illumination des passages piétonniers: programme 2020" (Schoulstrooss Uespelt) |
| 27. Januar 2021 | Approbation devis "nouveau terrain synthétique" |
| 10. Mäerz 2021 | Approbation devis estimatif - Réfection trottoirs 2020 - Munnereferstrooss & Letzebuergerstrooss |
| 10. Mäerz 2021 | Approbation devis estimatif - Aménagement éclairage sur parking "Lëtzebuergerstrooss" à Frisange |

Kann de Schäfferot dem Gemengerot fir déi verschidde Projeten den aktuelle Stand matdeelen? Bis wéini sollen dës Aarbechte realiséiert ginn?

Décompte vun de Feierlechkeeten zur 700 Joerfeier vum Péiter vun Uespelt sengem Doudesdag

De 4. an de 5. Juni 2021 wor déi grouss 700 Joerfeier vum Péiter vun Uespelt sengem Doudesdag zu Uespelt beim Schlass. Kann de Schäfferot dem Gemengerot do wgl. eng detailléiert Opstellung ginn, wat déi Feierlechkeeten insgesamt kascht hunn (Zelt, Audio a Video, Catering, ...), mat de jeeweilege Budgetsposten op déi dës Dépense gebucht gi sinn?

Projet du deuxième plan de gestion des risques d'inondation

Den 28. Juni 2021 huet de Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable de Gemengen de „Projet du deuxième plan de gestion des risques d'inondation, (Hochwasserrisikomanagementplan)" pour Avis geschéckt. (Circulaire 4009). D'Gemeng hat dofir bis de 24. September Zäit drop ze reagéieren.

Donieft gouf de 26. Mee 2021 am Gemengerot en Devis Mesures anti-crues (50.000€) gestëmmt. Do kruten d'Gemengeréit als Erklärung dass et punktuell zu Problemer mat Héichwaasser an eiser Gemeng ka kommen. Do sollt jo eng Étude de faisabilité gemaach ginn, laut den Erklärungen déi mer kruten.

De 14. Juli koum et hei am Land zu engem extreme Starkreen, dee vill Iwwerschwemmungen mat sech bruecht huet. Vill Kelleren waren den Dag, och hei an der Gemeng, iwwerschwemmt ginn.

An dësem Kontext hätte mer folgend Froen:

- Läit déi Étude der Gemeng elo fir a wat sinn d'Conclusiounen an dëser Étude?
- Ass dem Schäfferot den Hochwasserrisikomanagementplang bekannt?
- Firwat huet d'Gemeng Fréiseng keen Avis ofginn fir de Ministère op punktuell Problemer an eiser Gemeng hin ze weisen?

Projet du troisième plan de gestion des parties luxembourgeoises des districts hydrographiques internationaux du Rhin et de la Meuse (2021-2027)

Den 22. Abrëll 2021 huet de Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable de Projet du troisième plan de gestion des parties luxembourgeoises des districts hydrographiques internationaux du Rhin et de la Meuse (2021-2027) pour Avis un d'Gemenge geschéckt.

An dësem Dokument mat 451 Säiten gëtt d'Gemeng Fréiseng mat der Gander, der Briedemsbaach an der Aalbach genannt. Den Zoustand vun dëse Waasserkierper gëtt als net gutt bis schlecht bezeechent. Ziel vun dem 3. Bewirtschaftungsplang ass et, Baachen erëm an e gudden Zoustand ze versetzen.

Insgesamt ginn 34 Moossnamen opgelëscht, um Terrain vun der Gemeng Fréiseng, mam Ziel fir erëm e gudden Zoustand vun eise Baachen ze erreechen.

Wat fir eng Moossnamen aus dem 3. Bewirtschaftungsplang wëll d'Gemeng Fréiseng an deenen nächste Joeren ëmsetzen?

Marc Jacoby Claude Courtois Georges Hoffmann